

ZOOM. ■ D'STUDENTENZEITUNG



IWWERBLÉCK

Student fir 1 Dag

04

Dëst Joer konnten Schüler:innen nees wéi gewinnt un verschidde-
nen Dagesreesen deelhuefen. De
Student fir 1 Dag huet wéi ge-
winnt an der Ouschtervakanz
vum 1. bis de 14. Abrëll stattfonnt.

REEL

05

Vum 21. bis de 24. September
huet déi 38. Editioun vun der
REEL zu Innsbruck stattfonnt.

Guiden – De Studenteguide

06

Dëst Joer huet d'ACEL déi 5. Edi-
tioun vun hirem De Studentegui-
de rausbruecht, deen un ronn
3.700 Schüler:innen am Grand-
Duché verdeelt ginn ass.

De Studentebal

07

No ronn engem hallwe Joer Or-
ganisatiounsarbeit ass De
Studentebal de 14. Juli op der
Wiss bei P&R Bouillon iwwert
d'Bün gaangen.

Studentefoire

08

Dëst Joer ass d'ACEL nees op
der Studentefoire, de 26. & 27.
Oktober, zesumme mat senger
Memberscerclen um Belval ver-
trueden.

Objectif 2028

09

De 15. Mee huet d'ACEL am Ka-
der vun de Nationalwahlen hiren
Objectif 2028 virgestallt, wou
Usätz gestallt gi sinn, déi länger-
fristeg de Student:innen hiren
Alltagsverbessere sollen.

D'Memberscerclë vun der ACEL

14

D'ACEL huet am ganzen 43
Memberscerclen déi an 9 ver-
schidde Länner aktiv sinn an
de Schüler:innen a Student:innen
wichtig Froen zum Studium be-
äntwerte kënnen.



VIRWUERT

Léif Lieser a Lieserinnen,

Ech sinn houvreg, dës nei Editioun vun
eiser Studentenzeitung „Zoom“, déi
traditionell am Kader vun der Studen-
tefoire erausbruecht gëtt, kënnen ze
präsentéieren.

Am Zoom gi mir e Réckbléck op dat
lescht Joer vun der ACEL – De Stu-
dentevertreder an dir kritt dir en Abléck
iwwer déi verschidde Projeten, déi am
Kader vun eisen dräi Haaptaufgaben
– informéieren, representéieren a re-
gruppéieren, dëst Joer realiséiert gi sinn.

D'ACEL bléckt op e Joer mat villen
gudde Momenter zeréck. Mir si ganz
frou, dass mir dëst Joer eis traditionell
Eventer wéi den Tournoi de Noël, den
„Student fir 1 Dag“, de Quizzowend an
den „De Studentebal“ nees konnte wéi
gewinnt stattfanne loosser.

Mir sinn och houvreg op d'Publikatioun
vun enger neier Editioun vun eisen dräi
Guiden, déi zum Zil hunn den Schü-
ler:innen all néideg Informatiounen mat
op de Wee ze ginn.

Eng Upassung vum Stagegesetz huet
stattfonnt a mat der Ausschaffung vun
engem Objectif wëlle mir de Student:in-
nen déi noutwendeg Opmierksamkeit
vun der kommender Regierung ginn.
D'Entwécklung vun den aktuellen Ener-
giepräisser a Liewenskäschte mécht
awer och eis Suergen. D'ACEL huet
sech dofir och nees dëst Joer als
Prioritéit gesat, de Student:inne schnell
an effikass ze hëllef, andeem se
zesumme mat den zoustännege
Ministèren no Léisunge sichen.

Der ACEL ass et wichteg ze betounen,
datt dësen Erfolleg net ouni hir Cerclen
an hir Partner méiglech wier. Mir soen
hinne dofir villmools Merci fir déi

wäertvoll Ënnerstëtzung an deene
leschte Joren an hoffen, och an Zukunft
op si zielen ze kënnen.

Mir wënsche vill Spaass beim Liesen.



Christine LENERTZ
Vizepresidentin Informatioun



WAT ASS D'ACEL?

IWWER 40 CERCLEN
VERDEELT OP 9 LÄNNER
10 000 STUDENT:INNEN

D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) ass ee Comité deen aus Lëtzebuurger Student:innen besteet, déi als Zil hunn, d'Schüler:innen an d'Student:innen aus dem Land iwwert déi verschidde Studiegäng ze informéieren, se reegelméisseg zesummenzebréngen an se duerch ee permanente Kontakt mat deene verschiddene Ministère ze representéieren.

D'ACEL ass 1984 gegrënnt ginn an huet sech säitdeem als Missioun gesat, dass d'Student:inne besser gehéiert solle ginn. D'Association ass zanterhier net méi aus dem Lëtzebuurger Studentemilieu ewechzedenken. Haut vertritt d'ACEL ongeféier 40 Studentencercles,

déi duerch d'ganz Welt verdeelt sinn. Et fënnt ee se an Däitschland, a Frankräich, an der Belsch, zu Lëtzebuerg, an Éisträich, an der Schwäiz, a Groussbritannien, an Holland an an den USA. Dës Cercles empfänken d'Lëtzebuurger Student:inne während hirer Studienzäit an hirer Studentestad a ginn de Student:innen d'Méiglechkeet, u flotten Eventer deelzehuelen.

Dernieft ginn et nach déi fachspezifesch Cercles. Dozou gehéieren d'Medezins-, d'Ekonomies-, d'Droits-, d'Psychologies-, d'Archivistik/Bibliothekär- an d'Ingenieursstudent:innen.

Dës grouss Unzuel u Cercle mécht d'ACEL zum gréissten a wichtegste Studentevertrieeder zu Lëtzebuerg.

WAT ASS DER ACEL HIR AUFGAB?

MIR REGRUPPÉIEREN

Ee vun der ACEL hiren dräi Haaptziler ass et, d'Student:innen aus deene verschidde Stied zesummenzebréngen. Dofir organiséiert d'ACEL alljoers verschiddene Evenementer. Ee vun deene gréissten Eventer ass „De Studentebal“ deen alljoers am Juli stattfënnt. Mat sengem eenzegaartege Konzept bréngt en an engem Owend déi verschidde Kulturen an Traditionen aus deene verschiddene Studentestied zesummen.

Ee weidert Event ass den „Tournoi de Noël“, deen alljoers am Dezember stattfënnt an deene verschiddene Studentecercles d'Méiglechkeet gëtt, während 2 Deeg am Basket, am Volleyball an am Fussball géinteneen ungetrieden.



Och d'Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois (REEL), déi all Joer ronn 150 Lëtzebuurger Student:innen an enger europäescher Studentestad zesummebréngt, ass ee wichtegt Evenement, dat d'Student:inne vereent.

MIR INFORMÉIEREN

Der ACEL ass et wichteg, dass d'Schüler:innen an d'Student:innen iwwert hir Méiglechkeeten nom Lycée, während dem Studium esou wéi och no de Studien informéiert ginn.

Fir dëst Zil ze erreechen, bréngt d'ACEL alljoers verschidde Publikatiounen eraus. Am „Guide du Futur Étudiant“ fannen d'Schüler:innen all déi néideg Informatiounen iwwert déi verschidde Studentestied, wéi och iwwert déi verschidde Formatiounen, déi an deenen eenzele Länner ugebuede ginn. „De Studenteguide“ riicht sech un d'Student:innen während hirer ganzer Studienzäit. Nieft deenen wichegsten Informatiounen ronderëm d'Studenteliewen, wéi dem Finanzement vum Studium oder hëllefäräich Tipps zur Wunnengssich, informéiert dës Broschür och iwwer Besonneschkeeten a verschiddene Länner. De „Guide du Futur Diplômé“ gëtt de Student:innen eng ganz Rei vun Informatiounen mat op de Wee, déi hinnen de Start an d'Berufswelt erliichtere soll. Niewent dësen dräi Publikatiounen geet d'ACEL och reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën uechtert Land, fir d'Schüler:innen iwwert d'Studien ze informéieren.

Fir de Schüler:innen bei hirer Entscheedung iwwer zukünftige Studien ze hëllef, organiséiert d'ACEL alljoers de „Student fir 1 Dag“. Hei

hunn d'Schüler:innen d'Méiglechkeet, mat engem Bus oder mam Flieger an hir zukünftige Studentestad ze fueren a sech op der Plaz vun de Lëtzebuurger Student:innen d'Stad, d'Uni an aner Raimlechkeeten weisen ze loosse. D'Schüler:inne kommen esou a Kontakt mat de Lëtzebuurger Student:innen a kënne sech all hir Froen iwwert d'Studenteliewe beäntwere loosse.

D'ACEL an hir Membercercle sinn och alljoers op der „Foire de l'Étudiant“ vertrueden, déi am November stattfënnt, fir den zukünftige Student:innen esou vill wéi méiglech nützelech Informatiounen mat op de Wee ze ginn an hinnen all hir Froen, wat d'Studéieren ugeet, ze beäntweren.

MIR REPRESENTÉIEREN

Nieft dem Regruppement an der Informatioun, vertritt d'ACEL d'Student:innen virun den Autoritéiten a verdeedegt hir Rechter. An dësem Kontext steet d'ACEL a reegelméissegem Dialog mat de verantwortlechen Ministère, ënner anerem dem Ministère fir Héichschoulbildung a Fuerschung, wéi och dem Aarbechtsministère. D'ACEL ass awer net nëmmen national aktiv, mee hëllef och de Student:innen am Ausland bei Problemer mat den Autoritéiten.

D'ACEL ass ideologesch a politesch neutral, dat heescht, datt si keng bestëmmt parteipolitesch Meenung vertritt. Dat ass extrem wichteg, well d'ACEL dem Usproch, all d'Student:innen ze representéieren, wëll gerecht ginn.



WIEN ASS D'ACEL?

Du hues dech schonn ëmmer
gefrot, wien alles hannert der
ACEL stécht?

Hei hues du ee klengen
Iwwerbléck iwwert eise Comité.



Ann BERTEMES
Presidentin
Institutrice primaire
zu Léck



Gianni DI PAOLI
Sekretär
Physik zu München



Tim KOLBER
Tresorier
Computerlingustik zu Heidelberg



Felix SCHOELLEN
Informatiker
Cyber Security zu Zürech



Alexandre LUONG
Grafiker
Stadtplanung zu Kaiserslautern



Christine LENERTZ
Vizepräsidentin Informatioun
Bauingenieurwesen zu Zürech



Sarah LEGRAND
Comitésmember Informatioun
Sciences politiques zu Léck



Sophie MANGEN
Comitésmember Informatioun
Sonderpädagogik zu Köln



Laura OÉ
Cooptée Informatioun
Agrarwissenschaften zu Bonn



Kimon LENERS
Vizepräsident Regruppement
Politikwissenschaften zu München



Mathis MICHELS
Comitésmember Regruppement
Informatik zu Oochen



Laura MATHEIS
Comitésmember Regruppement
Kommunikationsdesign zu München



Grégory KIEFFER
Coopté Regruppement
Volkswirtschaftslehre zu Freiburg



Charel DONVEN
Vizepräsident Representatioun
Informatik zu München



Laurent SCHENGEN
Comitésmember Representatioun
Geschichte und Geographie
auf Lehramt zu Köln



Cédric HEINTZ
Comitésmember Representatioun
Raumplanung und Raumordnung zu Wien

STUDENT FIR 1 DAG 2023

Als Schüler:in, besonnesch op
Première, steet ee viru wichtege
Entscheedunge fir d'Zukunft: Soll ech
studéiere goen oder net? Op wéi eng
Uni? Wéi ee Studium ass dee richtege
fir mech?

De Projet „Student fir 1 Dag“ bitt
eng eemoleg Geleeënheet, d'Unien
an d'Unisstied op eng ganz beson-
nesch Aart a Weis kennenzeléieren an
deene Jonke bei hirer Entscheedung
ze hëllefen. An der Ouschtervakanz
besteet d'Méiglechkeet un organiséier-
ten Dagesreesen deelhuefen, wou déi
perfekt Geleeënheet ass, de Lycées-
schüler:innen ze weisen, wat se op
der Uni erwartet. D'Optioun besteet
un enger oder u méi Dagesreesen
deelzehuelen a soumadder verschidde
Studentestied ze besichen.

Den Oflaf vum Student fir 1 Dag ass
ganz einfach: Moies geet et mam Bus
oder Fliger vu Lëtzebuerg aus an déi
verschidde Studentestied. Op der Plaz
ginn d' Particiante vum Studentecercle
aus der Stad selwer accueilléiert a
kënnen do déi wichtegst Informatioun-
en zur Studienoffer, de Coursen, dem
Studenteliewe wéi och dem Cercle. No
engem gemeinsame Mëttegiesse ginn
am Usschloss déi wichtegst Gebaier vun
den Unien an den Héichschoulen, wéi
och déi schéinst Ecker vun der Stu-
dentestad gewisen. Owees geet et dann
erëm zeréck op Lëtzebuerg.

Am Kader vum Student fir 1 Dag stinn
och verschidden Dagesreesen um
Programm, déi op Eegeninitiativ mussen
ugefuer ginn, wou d'Schüler:innen awer
op der Plaz vum Studentecercle encad-
réiert ginn. Dëst ass de Fall fir déi Stied,
déi méi wäit fort leien, wéi zum Beispill
München, Berlin, Fribourg, Innsbruck
oder Wien.

De Student fir 1 Dag 2023 huet wéi
gewinnt an der Ouschtervakanz vum
1. bis de 14. Abrëll stattfonnt. 23 Stied
goufen a siwe verschiddene Länner
besicht. Um Programm stoungen

1. - 14. Abrëll 2023
acel.lu/sf1d



Sf1D

Student fir
1 Dag

Amsterdam | Belval (Uni.lu) | Berlin | Bonn | Bréissel | Düsseldorf | Freiburg

Fribourg | Heidelberg | Innsbruck | Kaiserslautern | Karlsruhe

Köln | Léck | Maastricht | München | Nanzeg | Oochen

Saarbrücken | Stroossbuerg | Tréier | Wien | Zürech



folgend Stied: Amsterdam, Belval
(Uni.lu), Berlin, Bonn, Bréissel, Köln,
Düsseldorf, Freiburg, Fribourg (CH),
Heidelberg, Innsbruck, Kaiserslau-
tern, Karlsruhe, Léck, Maastricht,
München, Nanzeg, Oochen, Saarbré-
cken, Stroossbuerg, Tréier, Wien an
Zürech. Am Ganzen hu 517 Partici-
anten deelgeholl.

Op dëser Plaz wëlle mir och nach eng
Kéier eisen 22 Membercercle Merci
soen, déi beim Student fir 1 Dag an hirer
Studentestad matgemaach hunn, a fir
een informativen Austausch gesuergt
hunn.

Mir hoffen, datt mir an der Ouschterva-
kanz 2024 de Student fir 1 Dag erëm
an deene jeeweilege Studentestied or-
ganiséiere kënnen, esou wéi dat dëst
Joer nees de Fall war.

Du wëlls gäre studéiere goen, mee du
weess nach net, wat dech op der Uni
erwart? Du weess net, wou s du wëlls
studéiere goen a wéi eng Uni déi richtege
fir dech ass? Da sief och du Student fir
1 Dag a maach d'nächst Joer an der
Ouschtervakanz beim Student fir 1 Dag
mat.

HEI NACH WICHTEG INFORMATIOUNEN:

Bis wéini kann een sech umellen?

Bis zu zwee Schaffdeeg virun der Rees. D'Plazen si limitéiert, déi éischt si
vir!

Wat ass alles am Präis mat dran?

Bei all Rees ass de Programm an der jeeweileger Stad souwéi e Mëtte-
siessen am Präis mat dran. Zousätzlech ass bei de Stied (mat Ausnam vun
Innsbruck a Fribourg) och den Transport mam Bus oder Fliger am Präis mat
abegraff. Den Transport mam Fliger gëtt nees op Berlin, München a Wien
organiséiert.

Ech sinn net op Première, dierf ech awer deelhuefen?

Jo, jiddereen, dee wëll, dierf um Student fir 1 Dag deelhuefen.

Wou kann ech mech informéieren?

All d'Informatiounen fënns du op acel.lu/sf1d. Bei Froen kanns du eis och
direkt iwwer Facebook, Instagram oder per E-Mail op contact@acel.lu
erreechen.

Wien organiséiert de Student fir 1 Dag?

De Student fir 1 Dag gëtt vun der ACEL an Zesummenaarbecht mat
de Cercle an de jeeweilege Stied, souwéi vu Voyages Emile Weber an
der Luxair organiséiert. An der Studentestad ginn d'Schüler:innen déi
ganzen Zäit vun de Lëtzebuerger Student:innen aus der jeeweileger Stad
encadréiert.



REEL 2023



Déi 38. Editioun vun der REEL (Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois) huet dëst Joer vum 21. bis de 24. September zu Innsbruck an Éisträich, an domat fir déi 3. Kéier hei, stattfonnt. Ronn 150 Student:innen sinn do während 4 Deeg zesummekomm fir un engem Kaderprogramm deelzehuelen, sech iwwer déi ënnerschiddlechst Thematiken déi si betreffen auszetauschen a fir sech kënne mat Lëtzebuerger Student:innen aus ganz Europa, mat Vetrieder:innen aus der Wirtschaft a politeschen Acteuren ze vernetzen. D'Thème vun dëser Editioun war „Interoperabilitéit – Europaiwwergräifend Kompatibilitéit“.

Den éischte Moie goufen d'Student:inne no enger Busfaart vu bal 11 Stonnen zu Innsbruck mat engem klengen Moiesiesse begrüsst ier et da mam offizielle Programm lassgaangen ass. Am „Parkhotel“ goufe vum ACEL-Comité 3 Workshops ugebueden zu den Themen „Teambuilding am Comité“, „Intercerclen“ an „Transnational Kooperatioun“. D'REELaner:innen haten am Viraus d'Méiglechkeet sech fir

ee Workshop ze entscheiden a konnten sech do dann a méi klengen Gruppen zu dem jeeweilegen Thema austauschen. No deelweis ganz interessanten a konstruktiven Diskussiounen sinn all REELaner:innen nach eng Kéier an enger gemeinsamer Pleniëre zesummekomm fir d'Konklusiounen aus de verschiddene Workshops virzestellen, soudatt dono jiddereen och eng Iddi vun den Diskussiounen aus deenen anere Workshops krut. No enger kuerzer Stärkung beim Mëttesiessen am „Glorious Bastards“ an dem Check-In am Hotel stoung dann den traditionelle Partnerdag am „CCB Innsbruck“ um Programm. Lassgaangen ass et mat de d'Presentatiounen vun de Partner:innen vun der REEL. Dono gouf et eng Foire, wou d'Student:inne mat de Partner:innen an d'Gespréich komme konnten. Hei ass dann och sécherlech schonn déi eng oder aner Stage- oder Aarbechtsplaz ugeschwat ginn. Fir dem ganzen ee méi lockeren a net ze dréchene Kader ze ginn, gouf et parallel heizou e Gliesche Wäin an e Walking Dinner. No der Foire huet

den Dag säin Ofschloss mat der Soirée privée am „Jimmy's“ fonnt. Freides moies ass et mat de kulturelle Visitte weidergaangen, wou d'REELaner:inne sech am Viraus entscheeden konnten tëschent der „Silbermine Schwaz“, den „Zillertaler Bierwelten“, dem „Amraser Schlass“, de „Kristallwelten“ oder dem „Alpenzoo“. Fir d'Mëttesiessen hu sech REELaner:innen all am „Bierstindl“ erëmfonnt fir sech ze stäerken ier dann den traditionelle Rallye um Programm stoung. Hei konnten d'REELaner:inne a klengen Gruppen op engem Tour duerch Innsbruck an ophand vu klengen Spiller esouwuel d'Stad entdecken wéi och Student:innen aus anere Cerclë kenne léieren. Um Uschloss dozou gouf et dat gemeinsamt Owesiessen am „FloJos“ ier den zweeten Dag säin Ofschloss op der Soirée publique an der „Mausefalle“ fonnt huet. Samschdes stoung dann d'Journée politique an der „Villa Blanka“ um Programm, anstatt, dofir hunn sech dann och all d'REELaner:inne extra chic gemaach fir dësen Dag. De politesche Volet vun der REEL gëtt vum REEL-Comité zesumme mat der ACEL organiséiert. Den Dag gouf mat engem Monolog zum Thema vun der REEL lancéiert, geschwat huet de Prof. Dr. Armand HAUSMANN, Honorarkonsul vun Tirol a Vorarlberg. Hien huet ënnerstrach, dass d'Populiste global un Zousproch gewannen an dass een deem soll kritesch géigeniwwer stoen. Den zweete Monolog gouf gehale vum Marc ANGEL, Vizepräsident vum Europaparlament. Hien huet der europäescher Unioun eng optimistesche Zukunft virausgesot, mee dass dës awer nei staark Impulser wéi de Schengenraum oder den Euro brauch. Wat d'Educatioun ugeet, wier et schwéier, ausgoend vun den EU-Institutiounen, eppes an Europa ze beweegen, do kéint d'Parlament am Moment nëmme Propositionen ausschwätzen. No engem Eierewäin an engem Mëttesiessen ass et weidergaange mat enger Table Ronde déi och ganz am Thema vun der REEL stoung. D'Invitéë waren de Claude MEISCH, Minister fir Héichschoul a Fuerschung, d'Martine HANSEN, Deputéiert a

Co-Fraktiounspräsidentin vun der CSV, d'Alexandra LINSTER, vun der Österreichische Universitätenkonferenz (UNIKO), an d'Ann BERTEMES, Präsidentin vun der ACEL. Si waren sech séier eens, dass eng komplett Harmoniséierung vun de Studiengäng an der EU net erstriewenswäert ass, well esou wäertvoll lokal Nuancë géife verluer goen. Et gouf awer festgestallt, dass et innerhalv vun der EU nach deelweis Hürde gi fir sech ob enger Universitéit unzemellen oder fir de Standuert ze wiesselen, déi ee kéint vereinfache, wéi zum Beispill eng Iwwersetzung vun Diplomer. Fir de formellen Deel vum Dag ofzeschléissen huet sech de Xavier BETTEL, Premierminister vu Lëtzebuerg, nach kuerz mat e puer Wieder un d'REELaner:inne gewant. Hien huet a senger Rede ënnerstrach, wéi wichteg et ass, a vu Krise geploten Zäiten net ze vergiessen, dass viles vun deem wat eisen Alldag prägt net selbstverständlech ass an dass dofir an der Vergaangenheet vill huet misse gekämpft ginn. Dofir huet hien d'REELaner:innen encouragéiert dëst am Hannerkapp ze behalen, positiv an d'Zukunft ze kucken an hir Studienzäit ze genéissen. Um Enn vun dësem duerchaus interessanten an ofwieslungsräichen Dag stoung dann nach e gemeinsamt Owesiesse mat den Invitéen an duerno d'Soirée chique am „Bluechip“ um Programm. Sonndes war dann och schonn erëm de leschten Dag vun der REEL. Nodeems et déi Deeg virdrun oft e bëssi méi spéit gi war, konnten d'REELaner:innen eng Kéier méi laang schlafen, ier dann nach zesumme gebruncht gouf. Am Uschloss dorunner ass et dann och fir déi meescht erëm an de Bus zeréck op Lëtzebuerg gaangen. Dem REEL-Comité vun Innsbruck hei e grouse Merci fir d'Organisatioun vun dëser gelongener REEL, dës war definitiv e Succès, wou jiddereen op seng Käsche komm ass. D'ACEL freet sech schonn drop, wann am Dezember op hirer Assemblée Générale iwwer déi 39. Editioun diskutéiert gëtt.



GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT, DE STUDENTEGUIDE & GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ

Guide du Futur Étudiant

Du bass de Moment op enger Ofschlossklass am Lycée oder du bass souguer scho fäerdeg a wëlls elo studéiere goen? Dann ass der ACEL hire Guide du Futur Étudiant genau dat Richtegt fir dech. An dëser Broschür, déi an Zesummenaarbecht mat eise Membercerclen op d'Bee gestallt ginn ass, fënns du eng ganz Rei Informatiounen iwwer Studentestied an néng verschiddene Länner.

An dësem Guide sinn déi wichtegst Renseignementer zesummegefaasst: Informatiounen vun deene verschiddene Cerclen iwwer déi verschidde Studiegäng an deene jeeweilege Studentestied, bis wéini a virun allem wéi s du dech op deene verschiddenen Universitëiten an Héichschoule muss umellen, wéi s du am beschten eng Wunneng fënns a wéi eng Eventer d'Cerclen dat ganz Joer iwwer an hirer Studentestad ubidden. Zousätzlech fënns du natierlech och de Cerclen hir Kontaktdaten, falls du dech mat hinnen a Verbindung setze wëlls. De Guide du Futur Étudiant informéiert dech och iwwer déi verschidde BTS-Formatiounen, déi s du zu Lëtzebuerg maache kanns.

Donieft gëss du an dësem Guide och informéiert, wéi s du fir deng Studie vun der staatlecher Studiebäihëllef profitéiere kanns.



De Guide du Futur Étudiant kriss du all Joer gratis op der Studentefoire um Stand vun der ACEL, an all Spuerkeessagence, beim CePAS, beim MESR, bei der Agence Nationale pour l'Information des Jeunes (ANIJ) an der Maison de l'orientation esou wéi an der Nationalbibliothék an online als PDF: www.acel.lu/gfe.

Bei weidere Froe kanns du dech zu all Moment per E-Mail bei der ACEL (www.contact@acel.lu) oder direkt beim Cercle mellen.

De Studenteguide

Du hues ugefaangen ze studéieren a scho läit e Bréif an der Boîte mat enger Rechnung vum Rundfunkbeitrag oder der GIS? Oder bass du nach op der Sich no enger Wunneng? Dann ass dës Guide genau dat Richtegt fir dech! Fir dir bei sou an nach bei villen anere Problemer an dengem Alldag als Student:in ze hëllefen, huet d'ACEL dëst Joer déi fënneft Editioun vun hirem „De Studenteguide“ herausbruecht.

An dëser Broschür fënns du eng ganz Rei Informatiounen aus néng verschiddene Länner, déi dir während dengem Studium kënnen nützlich sinn. Sou informéiert dës Guide dech niewent de Besonneschkeeten an deene Länner och iwwer d'Wunnengssich, d'Finanzéierung vun dengem Studium an d'Krankeversécherungen. Doduerch, datt dës Guide an Zesummenaarbecht mat eise Membercerclen entstanen ass, fënns du Informatiounen aus éischter Hand an dëser Publikatioun. Dës Guide ass dëst Joer erëm u ronn 3.700 Schüler:innen verdeelt ginn, déi hiren Ofschloss am Grand-Duché am Secondaire gemaach hunn.

De Studenteguide fënns du als PDF op eisem Site, ënner folgendem Link: www.acel.lu/de-studenteguide.



Mir hoffen, datt dës Guide dir weiderhëlleft a wënschen dir vill Erfolleg an dengem Studium.

Guide du Futur Diplômé

Du bass fäerdeg mat dengem Ofschloss am Lycée, dengem Studium oder denger Léier a wëlls elo am Berufsliewen duerchstarten? Da fënns du am Guide du Futur Diplômé all déi wichteg Informatiounen, déi dir dobäi hëllefen.

Alljoers bréngt d'ACEL eng nei Editioun vum Guide du Futur Diplômé eraus, fir dir deng éischt Schrëtt um Aarbechtsmarché ze erlichteren.

Hei fënns du eng ganz Rei Informatiounen dozou, wéi s du am beschten eng Aarbecht sichts, wéi deng Kandidatur soll ausgesinn a wat dech an engem Virstellungsgespräch erwaart. Donieft kanns du dech och iwwer de Salaire, d'Pensioun, d'Steieren, de Congé, deen s du zegutt hues, oder d'Finanzéiere vun enger Wunneng oder engem Auto informéieren.

Wëlls du op enger Gemeng schaffen? Dech selbststänneg maachen? Oder souguer Fuerscher:in ginn? Dann fënns du an dësem Guide och déi néideg Informatiounen, déi dech um Wee dohi begleeten.

De Guide du Futur Diplômé kriss du all Joer gratis um Stand vun der ACEL op der Studentefoire, an all Spuerkeessagence, beim CePAS, beim MESR, bei der Agence Nationale pour l'Information des Jeunes (ANIJ), an der Maison de l'orientation esou wéi an der Nationalbibliothék an online als PDF: www.acel.lu/gfd.



DE STUDENTEBAL 2023



© Alex Luong

De Studentebal ass dat gréisst Event, dat d'ACEL organiséiert, fir lauter Student:innen erëm beieneen ze bréngen. E fënnt säit jeehier Mëtt Juli statt. Bei deem Event komme Student:innen déi wäit ewech oder awer och ganz no sinn, zesummen, fir mat hire Kolleegen een Owend laang ze feieren.

D'Organisatioun fänkt lues awer sécher scho kuerz nodeems den neie Comité gewielt ginn ass un, also schon am Januar. Nodeems d'Grondkonzept gekläert ass, heescht et dann, bal 5.000 Liter Béier an eng Hellewull aner Saache bestellen. Déi lescht zwou Woche virum Bal ginn déi éischt Saache schonn an d'Realitéit ëmgesat.

Och wann de Bal vun enger klenger Unzuel vu Leit organiséiert gëtt, kéint dësen net stattfannen, wann net bal 30 Cercle beim Op- an Ofriichten dobäi wieren. Net ze ënnerschätzen ass, datt während deem Owend bis zu 300 Leit schaffen, fir datt keen erdiischtert an och keen erhéngert. Speziell fir vill a gutt lesse këmmert sech den LSK a fir de Rescht bitt all Cercle e speziellen Drink un, dëst a Form vun engem Shot, wéi zum Beispill de Blue Seppl, der Vodka-Brause, dem LSD-Shot oder engem Cocktail. Vun Gin-Tonic, Campari-Orange an Ice-Tea-Korn bis zu Komma a Bombe bleue ass fir jiddereen eppes dobäi! D'Nohaltegkeet ass ons natierlech och ganz wichteg, esou datt mir



ons dëst Joer staark beméit hunn, fir ee Greenevent ze ginn.

Ëmsou méi frou ware mir dëst Joer, wéi mir mat méi wéi 4.500 Entréeë weise konnten, datt mir nach weiderhin de gréissten Open-Air-Bal zu Lëtzebuerg plangen.

Natierlech wier esou e mega Bal net méiglech ouni ons Partner. Op dëser Plaz bedanke mir eis bei der VDL fir hir

ganz Hëllef, bei Munhowen, fir déi grouss Ënnerstëtzung, fir datt mir net erdiischteren, bei der CODEX fir hir professionell Aarbecht an hiert Material esou wéi bei der Spuerkeess, ouni déi mir net esou einfach kéinte bezuelen.

Dozou ass ze soen, datt de Profit un d'Cercle geet, esoubal d'Käschte gedeckt sinn, esou datt si sech aner Aktivitéiten domat finanzéiere kënnen.





D'ACEL a seng Cerclen



De 26. a 27. Oktober fënnt d'Studentefoire um Campus Belval statt. Zousätzlech zu dëser Foire gëtt et eng Online-Plattform, déi et dir erméiglecht, dech am Viraus ze informéieren an deng Visitt um Belval besser ze plangen.

D'Online-Plattform ass vum 18. Oktober bis de 5. Januar 2024 disponibel. Op dëser hues du d'Méiglechkeet, bei méi ewéi 200 Aussteller aus 17 Länner Informatiounen a Form vu Broschüren, kleng Videoen an aneren Dokumenter ze sammeln. E puer Aussteller halen och Webinaren, déi s du iwuer dës Plattform matverfolgen oder duerno am Replay nokucke kanns. Op d'Plattform zougräife kanns du ënnert folgendem Link: **www.studentefoire.lu**.

Als Schüler:in kanns du während deenen 2 Deeg tëschent 9h a 15h30 mat 120 Aussteller a Kontakt trieden an dech iwuer deng Studiéméiglechkeeten informéieren. Dobäi kommen dräi Live-Konferenzen iwuer verschidde Beruffsfelder (Santé, Enseignement an Carrière beim Staat), déi s du dir unhéiere kanns. Ab 15h30 ass d'Foire fir de grouesse Public op. Natierlech ass och d'ACEL mat senger Membercercle vertrueden a steet dir zur Verfügung, fir dir all deng Froen ze beäntweren, déi dech als zukünfteg:e Student:in beschäftegen. Notz dës Geleeënheet a komm bis laanscht!

ACEL & Fachspezifesch Cercle



ACEL



Bibliothéikswiesen



Droit



Ekonomie



Geschicht



Ingenieur



Medezin



Psychologie

Däitschland



Berlin



Bingen



Bonn



Düsseldorf



Freiburg



Heidelberg



Kaiserslautern



Karlsruhe



Köln



München



Oochen



Saarbrücken



Tréier



Würzburg

Belsch



Baashtnech



Bréissel



Léck



Louvain-la-Neuve Aix-en-Provence



Montpellier



Nanzeg



Paräis



Stroosbuerg

Frankräich

Holland



Amsterdam



Maastricht



Innsbruck



Wien



Fribourg



Lausanne



Zürich

Éisträich

Schwäiz



STUDENTEFOIRE

by MESR
Foire de l'Étudiant ♦ Student Fair ♦ Studierendenmesse

26. & 27.10.2023
www.studentefoire.lu

@ Belval

& online



MAISON DES ARTS ET DES ÉTUDIANTS

FOYER

1. ACEL – Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois
2. UNEL – Union Nationale des Étudiant-e-s du Luxembourg
3. Jugendrot – CGIL

Cercles et associations d'étudiants par domaine d'études

4. ANEIL – Association Nationale des Étudiants Ingénieurs Luxembourgeois

5. ANELD – Association Nationale des Étudiants Luxembourgeois en Droit
6. ANESEC – Association Nationale des Étudiants en Sciences Économiques et Commerciales
7. ALEM – Association Luxembourgeoise des Étudiants en Médecine
8. Jonk BAD – Bibliothéikswiesen-, Archivistik- an Dokumentations-Studenten
9. Historic.UL – Association des Étudiants en Histoire du Luxembourg
10. ALEP – Association Luxembourgeoise des Étudiants en Psychologie

SALLE

Cercles et associations d'étudiants par pays/ville

Allemagne

11. AELK – Amicale des Étudiants Luxembourgeois à Karlsruhe
12. LSK – Lëtzebuurger Studenten zu Kaiserslautern
13. LSH – Lëtzebuurger Studenten zu Heidelberg
14. SLUF – Studenten vu Lëtzebuerg op der Uni Freiburg
15. AVL – Akademischer Verein d'Lëtzebuurger
16. LSB – Lëtzebuurger Studenten zu Bingen
17. LSC – Lëtzebuurger Studentclub Cölln
18. VLIB – Vereinigung Luxemburger Studenten in Berlin
19. Alesontia – Lëtzebuurger Studenten zu Bonn
20. LSD – Lëtzebuurger Studenten zu Düsseldorf
21. LSM – Lëtzebuurger Studenten zu München
22. LSWü – Lëtzebuurger Studenten zu Würzburg
23. LSS – Lëtzebuurger Studenten zu Saarbrücken
24. LST – Lëtzebuurger Studenten zu Tréier

Autriche

25. LSI – Lëtzebuurger Studenten Innsbruck
26. LSW – Lëtzebuurger Studenten Wien

Belgique

27. CELB – Cercle des étudiant.e.s luxembourgeois.e.s à Bruxelles
28. Lëstlé – Lëtzebuurger Studenten zu Léck
29. CELBas – Cercle des étudiants luxembourgeois à Bastogne
30. GDL – Grand-Ducale «d'Lëtzebuurger zu Léiwen»

France

31. ELAN – Étudiants luxembourgeois à Nancy
32. LëtZ'Aix – Association des étudiants luxembourgeois à Aix-en-Provence
33. AELP – Association des étudiants luxembourgeois à Paris
34. CELM – Cercle des étudiants luxembourgeois à Montpellier
35. ALUS – Association des Luxembourgeois aux Universités de Strasbourg

Luxembourg

36. Student delegation Uni.lu

Pays-Bas

37. RLA – Roud Léiwen Amsterdam
38. LSMaas – Lëtzebuurger Studenten zu Maastricht

Suisse

39. LSZ – Lëtzebuurger Studenten zu Zürich
40. AELL – Association des Étudiants Luxembourgeois à Lausanne
41. Friblëtz – Lëtzebuurger Studentinnen a Studenten zu Fribourg

OBJECTIF 2028

Méindes de 15. Mee huet d'ACEL, am Kader vun de Nationalwalen den 8. Oktober, hiren Objectif 2028 virgestallt. An dësem weise mir op eng Rei u Problemer hin, déi d'Student:innen am Alldag betreffen an de Studium am In- an am Ausland erschwéieren oder verkomplizéieren. Mir stellen do awer och Usätz vir, déi längerfristeg de Student:innen hiren Alldag verbessere sollen. Themen déi mir hei behandle sinn: Zukunft vun der Studentefoire, Accès op d'Unie vereinfachen, Upassung vum Stagegesetz, Graduate Programms promovéieren, Akzeptéiert Ongläichheet an der EU, Attraktiven öffentlichechen Transport, Bourse am Wandel vun der Zäit a Steiererklärung während dem Studium.

D'ACEL huet sech a senger 39-järeger Geschicht ëmmer fir d'Student:innen agesat a kennt d'Uleies vun de Studentinnen a Studenten. An de kommende fënnef Jore gesi mir eng grouss Chance, vill Punkte vun eisem Objectif ëmzesetzen an och bei gréissere Projete gëllt et elo net de Moment ze verpasse fir déi néideg Schrëtt anzeleeden, esou dass dës och iwwer déi kommend Legislatur eraus Ëmsetzung fannen. Dofir ríicht sech dëst Dokument un déi kommend Regierung mat der Opfuerderung, dësen Objectif am Kader vun engem Koalitiounsaccord a Consideratioun ze zéien. De ganzen Objectif 2028 ass op eisem Site ënnert www.acel.lu/objectif2028 ze fannen.



STUDIENINFO

D'Schüler:inne vun den Ofschloss-klasse sti virun enger wichtiger Entscheidung. Et stellt sech d'Fro, ob si no hirem Ofschloss schaffe goe sollen oder léiwer studéiere goe wëllen. D'ACEL geet reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën uechtert d'Land, fir d'Schüler:innen iwwer d'Studiegäng, d'Unien an d'Héichschoulen, d'Wunnengssich, de Finanzement vun hirem Studium an d'Studenteliewen am Generellen ze informéieren. Während dësen Informationsseancë kann d'ACEL natierlech och de Schüler:innen hir Froen zu dësen Theme beäntweren. D'ACEL deelt hei och hir verschidde Publikatiounen aus. Dës sollen de Schüler:innen op hirem Wee an d'Studenteliewe während hirem Alldag oder bei hiren éischte Schrëtt um Aarbechtsmarché hëllefen. Heibäi handelt et sech ëm de Guide du Futur Étudiant, de Studenteguide an de Guide du Futur Diplômé. Während dem akademesche Joer 2022/2023 war d'ACEL insgesamt un 21 Studieninformatiounen an 19 verschidde Lycéeën present.

Falls Dir drun interesséiert sidd, datt mir och an Äre Lycée kommen an op Äre Froen oder déi vun Äre Schüler:innen

Fro eis!

Wou soll ech studéieren?

Wat soll ech studéieren?

Wéi fannen ech eng Wunneng?

Wat ass de "Student fir 1 Dag"?

Partenaire officiel

äntweren, kënnt Dir lech ënner folgendem Link umellen: www.acel.lu/studieninfo-ufro.

Bei weidere Froe kënnt Dir lech natierlech och ënner contact@acel.lu bei eis mellen.



QUIZOWEND



Den 8. Abrëll war et rëm sou wäit: De Quizowend vun der ACEL huet rëm stattfonnt. Fir dëst schonn traditionellt Event hu sech bal 100 Leit, opgedeelt an 20 Ekippen, am Forum Geesseknäppchen an der Stad zesummefonnt a konnten do hiert Wëssen ënner Beweis stellen. De Quiz huet dëst Joer aus aacht Kategorië mat jeeweils aacht Froe bestanen. D'Kategorië ware Film & Serien, Politik, Logoen,

Allgemengwëssen, ACEL, Fun Facts, Datumer a Wëssenschaft, soudatt fir jiddereen eppes Passendes dobäi war. Nieft de Froe gouf et eng Bar an eng Kaffisstuff.

Déi éischt Plaz krut ee Bong fir Kart fueren ze goe beim ACL. Déi zweet Plaz huet ee Bong gewonnen fir an de Lasergame um Houwald spillen ze goen an déi drëtt Plaz krut ee 50€ Bong fir bei Concept+Partners auszeginn.




TOURNOI DE NOËL

Iwwert de 27. an 28. Dezember hu mir eisen traditionellen Tournoi de Noël um Geesseknäppchen zesumme mat der LASEL ofgehalen. Méi wéi 20 Studentencercelen hunn sech an de Sportshale vum Geesseknäppche getraff a bewise wéi gutt si sinn.

Nodeems Dënschdes Moies d'Qualifikatiounen am Basketball an am Volleyball fäerdeg waren, goug et Mëttes ëm d'Coupen. An der Final vum Volleyball konnten sech d'Brüsseler, knapp verfollegt vun den Innsbrucker op der 2. an den Oochener Student:innen op der 3.

par Rapport zu de Stroossbuerger. Gewonnen hunn hei d'Brüsseler Student:innen, déi esou och ganz knapp de Gesamtpokal fir sech entscheede konnten. Direkt op der 2. Platz waren d'Oochener esou wéi d'Münchener Student:inne gläich op, esou dass mir da ganz gespaant an Zukunft kucken (#TdN23).

No 2 semi-erfollegräichen an awer spannenden Deeg um Terrain hunn déi éisträichesche Student:innen op en neits bewisen, datt sie déi Beschit an der 3. Hallschent sinn an hu mat all deenen



Platz, duerchsetzen. Ganz aneschtens war et dann awer am Basket, wou Köln sech ganz kloer déi 1. Platz verdéngt huet. Hannendrun waren eis ausgerouten Zücher Student:innen op der 2. Plaz an eis staark present Oochener Student:innen op der 3. Platz.

Den Dag drop hate mir passend zur Weltmeeschterschaft am Qatar: eise Fussballturnéier. No ganz spannende Matcher um Virmëtteg, hate mir Nomëttes Cerclen aus 3 ënnerschiddleche Länner um Podium stoen. Hei huet Berlin sech leider misse geschloe gi

anere Spectateuren dofir gesuert, datt mir dëst Joer eng grouss Zomme un d'Ligue an de Plooschterprojet spende kënnen. Insgesamt konnte mir 6.000 € spenden an déi zwéi wichteg Projeten ënnerstëtzen.

Dofir nach emol ee groussen MERCI u jiddereen den dozou bäigedroen huet! Mir kucken awer och ganz gespaant no vir a freeën ons erëm jiddereen erëm ze gesinn, awer och all déi nei Gesichter wëllkomm ze heeschen! Esou fënnt den Tournoi de Noël och dëst Joer erëm de 27. an 28. Dezember statt.



STAGEGESETZ



D'Stagegesetz ass een Thema wat d'ACEL elo scho säit Jore beschäftegt. Dëst Joer kënnen mir iwwert zwou kleng awer wichteg Upassungen vun dësem berichten.

Säit dem 15. September gëllt dat Gesetz fir all Student:innen an net nëmme fir Student:innen aus den net Reglementéierte Beruffer. Dat féiert dozou, dass zum Beispill och Stagen am Kader vun engem Pflegepraktikum oder Stagen am Enseignement mussen bezuelt ginn, esou laang dës méi laang wéi véier Wochen daueren.

Eng weider Upassung ass, dass Stagen déi während engem akademesche Joer beim selwechte Patron gemaach ginn, bezuelt mussen gi wéi ee ganzen. D'Zil dovunner ass et ze verhënneren, dass Stagen vum Patron opgedeelt ginn a esou de d'Student:in keng oder manner Remuneratioun kritt. E Beispill fir dësen Abus wier, wann d'e Student:in ee Stage vu 6 Woche maache well, dee misst bezuelt ginn, d'e Patron:ne awer proposéiert hätt de Stage op 2 mol 3 Wochen op ze

deelen, déi jeeweils net misst bezuelt ginn.

Mir hunn awer och festgestallt, dass et oft Onkloerheet bei de Student:innen gëtt, wat genau hier Rechter wärend engem Stage sinn. Dofir huet d'Chambre de Salarié eng Convention de Stage fir fräiwëlleg Stagen ausgeschafft, déi dem Student als Virlag dënne soll fir d'Organisatioun vu sengem Stage ze vereinfachen. Dës kann een och op eisem Site eroflueden.

Zousätzlech ass och ee Remuneratiounsrechner op eisem Site ze fannen. Dës soll dem:der Student:in hëllefen mat weinege Klicks méi Kloerheet ze kréien, wéi héich seng:hier Remuneratioun fir de Stage mindestens muss sinn.

INTERCERCLEN A BALER

lwwer dat ganz Joer verdeelt, fanne sougenannten Intercerclen a Studentebaler statt.

Op engem Intercercle komme Student:innen aus verschiddene Cerclen an enger Studentestad zesummen, fir ganz verschidden Aktivitéiten duerchzeféieren. En Tarte-flambée-à-volonté-Owend zu Stroosbuerg, e Cafésrallye zu Oochen oder Karlsruhe, e Spikeballturnéier zu Freiburg, d'Saufest zu Wien, de King's Day zu Amsterdam oder dat traditionellt Volleyballturnéier zu Kaiserslautern.

An all deene Stied an a villen anere kann ee seng Kollege rëmgesinn a puer flott Stonnen oder Deeg matenee verbréngen. Meeschtens ginn och Schlofplaze vun de lokale Student:innen ugebueden, sou datt déi ganz Rees fir keen ze deier gëtt.

Déi verschidde Studentebaler, wéi zum Beispill den Oochener Bal, de Kölner Bal, de Münchner Bal, de Fëschs-de-Bal vum LSK oder den Zürcher Bal an de Bréisseler Bal, déi am Dezember organiséiert ginn, fannen all zu Lëtzebuerg statt. Se richte sech haaptsächlech un all d'Lëtzebuerger Studenten, mee och Schüler:innen a soss jiddereen ass wëllkomm a gëtt mat lokalen Drinks vun de Cerclé verwinnt!

Am Ganzen hunn d'Joer schonn 20 Intercerclen a véier Baler stattfonnt. Des Weidere sinn och nach sechs Intercerclen a sechs Baler fir de Rescht vum Joer geplangt.

Eng besser, méi bëlleg a praktesch Méiglechkeet, fir seng Frënn, déi an enger anerer europäescher Stad studéieren, erëmzegesinn, gëtt et net. Wann s du also d'Joer nach wëlls un engem Intercercle deelhuefen oder ee Studentebal besichen, da kuck ënner [ancel.lu/kalenner](https://www.ancel.lu/kalenner).



We give you the energy
You write the story



PRESENTATIOUN VUN DE MEMBERS- CERCLË VUN DER ACEL

Fachspezifesch Cerclen

ALEM



Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine
contact@alem.lu

ALEP



Association Luxembourgeoise des Etudiants en Psychologie
contact@alep.lu

ANEIL



Association Nationale des Etudiants Ingénieurs Luxembourgeois
contact@aneil.lu

ANELD



Association Nationale des Etudiants Luxembourgeois en Droit
contact@aneld.lu

ANESEC



Association Nationale des Etudiants en Sciences Economiques et Commerciales
info@anesecl.lu

HISTORIC.UL



Association des Etudiants en Histoire du Luxembourg
historic.ul1@gmail.com

JONK BAD



Bibliothéikswiesen-, Archivistik- an Dokumentatiouns-Studenten
info@jonkbad.lu

Lännerspezifesch Cerclen

Däitschland

AELK



Amicale des Etudiants Luxembourg-geois à Karlsruhe
contact@aelk.lu

ALESONTIA



Lëtzebuenger Studenten zu Bonn
kontakt@alesontia.lu

AVL



Akademischer Verein d'Lëtzebuenger
comite@avl.lu

LSB



Lëtzebuenger Studenten zu Bingen
ls-bingen@outlook.de

LSC



Lëtzebuenger Studenteclub Cölln
lsc.comite@gmail.com

LSD



Lëtzebuenger Studenten zu Düsseldorf
lsdcomite@gmx.de

LSH



Lëtzebuenger Studenten zu Heidelberg
lsh.comite@gmail.com

LSK



Lëtzebuenger Studenten zu Kaiserslautern
comite@lsk.lu

LSM



Lëtzebuenger Studenten zu München
comite@lsm.lu

LSS



Lëtzebuenger Studenten zu Saarbrécken
lss.comite@outlook.com

LST



Lëtzebuenger Studenten zu Tréier
comite@lst.lu

LSWÜ



Lëtzebuenger Studenten zu Würzburg
lswue.info@gmail.com

SLUF



Studente vu Lëtzebuerg op der Uni Freiburg
comite.sluf@gmail.com

VLIB



Verein Luxemburger Studenten in Berlin
comite.vlib@gmail.com

Frankräich

AELP



Association des Etudiants Luxembourg-geois à Paris
contact@aelp.lu

ALUS



Association des Luxembourgeois aux Universités de Strasbourg
contact@alus.lu

CELM



Cercle des Etudiants Luxembourg-geois à Montpellier
celm.comite@gmail.com

ELAN



Etudiants Luxembourg-geois à Nancy
elan.comite@gmail.com

LËTZ'AIX



Association des Etudiants Luxembourg-geois à Aix-en-Provence
comite@letzai.x.com

Belsch



CELB

Cercle des Etudiants Luxembourg-geois à Bruxelles
comite@celb.lu

CELBAS



Cercle des Etudiants Luxembourg-geois de Bastogne
celbas2014@hotmail.com

GDL



Grand-Ducale à Louvain-la-Neuve
grand-ducale@hotmail.com

LËSTLÉ



Lëtzebuenger Studenten zu Léck
comite@lestle.lu

Schwäiz



AELL

Association des Etudiants Luxembourg-geois à Lausanne
aell.comite@gmail.com

FriblëtZ



Lëtzebuenger Studenten zu Fribourg
comite@fribletz.lu

LSSG



Lëtzebuenger Studenten zu St.Gallen
lsstgallen@gmail.com

LSZ



Lëtzebuenger Studenten zu Zürech
comite@lsz.lu

Groussbritannien



SLSB

Society of Luxemburgish Students in Britain
slsbritain@gmail.com

Éisträich



LSI

Lëtzebuenger Studenten zu Innsbruck
contact@lsi-students.at

LSW



Lëtzebuenger Studenten zu Wien
lsw@lsw.lu

Holland



RLA

Roud Léiwen Amsterdam
comite.rla@gmail.com

LSMAAS



Lëtzebuenger Studenten zu Maastricht
comite.lsmaas@gmail.com

Lëtzebuerg



LSL

Lëtzebuenger Studenten zu Lëtzebuerg
lsl.comite@outlook.com

USA




LUAM

Luxembourgish Students at Miami University
luxstudents@miamioh.edu

RÄTSEL ZOOM 2023

Test däi Wëssen!
Bréng eis d'komplett ausgefëllte Rätsel op
einem Stand op der Studentefoire laanscht
oder schéck eis et op contact@acel.lu a mat
bësse Chance gewënns du ee kleng Kaddo!

ä = ae
ü = ue
ö = oe
ë = ee



- A wéi ville verschiddene Stied ware mir dëst Joer fir de Student fir 1 Dag?
- Op wéi ville Studieninfoe war d'ACEL am Joer 2022/2023?
- Wéi heescht de Cercle fir d'Psychologiestudent:innen?
- A wéi enger Stad studéieren déi meeschte Leit aus dem ACEL-Comité?
- De Cercle vu wéi enger Stad huet ee Flamingo am Logo?
- A wéi engem Land gëtt et déi meescht Lëtzebuenger Studentencercelen?
- Wou huet d'REEL dëst Joer stattfonnt?
- Wou fënnt dëst Joer de Präsens Deel vun der Studentefoire statt?
- Wéi ass d'Ofkierzung vum neie Cercle zu Lëtzebuerg?
- Wéi vill fachspezifesch Cercelen huet d'ACEL?
- Wou huet de Quizowend vun der ACEL 2023 stattfonnt?
- Wéi heescht d'Publikatioun vun der ACEL fir zukünfteg Student:innen?
- A wéi ville Länner ginn et Studentecercle vun der ACEL?
- Wéi heescht de Bal vum LSK?
- Ween huet d'Virwuert vum Zoom geschriwwen? (Virnumm)
- Wou studéiert eise Grafiker?
- Wat studéiert eis Cooptée, d'Laura Oé?
- A wéi engem Mount fënnt de Studentebal statt?
- Mat wéi enger Publikatioun huet d'ACEL sech am Mee un d'Politik gewant?
- Wéi eng Neierung um Site vun der ACEL soll de Student:innen an Zukunft hëllefen, méi Kloeerheet bei de Stagen ze kréien?

EDITEUR
Association des Cercles d'Étudiants
Luxembourgeois (ACEL)
2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette
Tel.: (+352) 20 60 84 84
www.acel.lu | contact@acel.lu

OPLAG
45.576 Exemplairen

KOORDINATIOUN
Christine LENERTZ, Sarah LEGRAND,
Sophie MANGEN, Laura OÉ

REDAKTIOUN
ACEL Comité
Fir d'Form an den Inhalt vun den Artikelen
sinn eleng d'Auteure verantwortlech.
D'ACEL seet all de Leit, déi un dëser
Eeditioun matgeschafft hunn,
e grouse Merci!

FOTOEN
ACEL

LAYOUT
Mediahuis Luxembourg

PUBLICITÉIT
régie.lu s.a.

Op der sich no enger

AARBECHT

oder engem

STAGE?

Job Portal

...

op
acel.lu/jobs

The bridge
to your
freedom

SPUERKEESS.LU/axxess

Ta carte
Ton compte
Tes avantages

STUDY
Pour les étudiants de 18 à 30 ans

Banque et Caisse d'épargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome 1, Place de Metz, L-1800 Luxembourg, RCS, Luxembourg B30775